Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Etienne SCHNEIDER et de Monsieur le Ministre de la Justice Félix BRAZ à la question parlementaire n°1682 du 12 janvier 2016 de l'honorable député Fernand KARTHEISER

Den honorabelen Deputéierte stellt a senger parlamentarescher Ufro e puer Behaaptungen op, déi een net sou einfach kann am Raum stoe loossen.

Et ass net richteg fir pauschal ze behaapten, dass d'Fäll vu Gewalt géint Persounen zouhuelen, notamment op der Strooss.

An deem Kontext ass et wichteg fir sech op déi offiziell Statistiken ze beruffen. An obwuel d'Statistike vun der Police fir d'Joer 2015 nach net fäerdeg sinn, sou gesäit et am Moment dono aus, wéi wann déi gewalttäteg Strofdote géint Persoune fir 2015 éischter méi déif si wéi déi vun 2014, an och vergläichbar si mat deenen aus de Joeren 2012 an 2013. Mee souguer déi Zuele sinn hei mat Virsiicht ze huelen, well och déi Statistike maachen an der Rubrik "*violences contre les personnes*" net den Ënnerscheed, ob déi Strofdoten op der Strooss oder op enger anerer Plaz begaangen gi sinn.

Dat selwecht gelt fir déi Behaaptung vu "rechtsfräien Zonen". D'Police léisst dat néierens zou an intervenéiert.

D'Behaaptung, dass de sougenannte Pefferspray e "probat" Mëttel wier fir sech géint kriminell Persounen ze wieren ass am héchste Mooss kontestabel, well se net déi wichteg Tatsaach berücksichtegt, dass eng Liberaliséierung vum Wafferecht et net nëmmen de Bierger méi liicht mécht fir un eng Waff ze kommen, mee virun allem och den Täter. D'Situatioun an den USA illustréiert dat ganz gutt.

Déi puer Erfahrungen, déi hei am Land mat Waffen am Beräich "auto-défense" gemaach gi sinn, hunn och gewisen, dass de Gebrauch vun enger Waff vum Affer am Endeffekt éischter zu sengem Nodeel war, well d'Täter et an der Regel fäerdeg bruecht hu fir den Iwwerraschungsmoment ze notzen an dem Affer d'Waff ofzehuelen, et domat ze menacéieren, an duerno och nach d'Waff matzehuelen.

Et dierf een an deem Kontext och net vergiessen, dass eng Liberaliséierung vum Waffebesëtz onweigerlech ëmmer de Prinzip vum staatleche Gewaltmonopol a Fro stellt. An dat ass eng Entwécklung, déi hei zu Lëtzebuerg sécherlech net begréissenswäert wier, an doriwwer besteet zanter laangem e breede politesche Konsens.

Och de franséische Modell op deen sech den honorabelen Deputéierte berifft – Pefferspray am fräie Verkaf oder geneemegungspflichteg, je no senger Wierkungsstäerkt – ass keng Léisung an huet och keng statistesch Verbesserung mat sech bruecht.

Op déi konkret Fro vum honorabelen Deputéierte kann also nëmmen an deem Sënn geäntwert ginn, dass et am Moment net ugeduecht ass, fir de Verkaf an de Besëtz vu Pefferspray ze liberaliséieren.